radio 100,7

BEBAUUNGSPLÄNG

# "Eng Visioun fir d'Gemengen"

04. Nov 2019 - 11:53

27 vun den 102 Gemengen am Land kënne vun haut un nach Baugeneemegungen erausginn, se dierfen awer keng nei PAPe méi autoriséieren an och keng punktuell Ännerunge vun hirem allgemenge Bebauungsplang méi maachen.

*Maurice Molitor (Interview) / Claude Biver (Web)*



D'Inneministesch Taina Bofferding (LSAP)

Dat sinn d'Sanktiounen, déi virgesi si fir déi Gemengen, déi hire PAG net mat Zäit un d'Gesetz vun 2004 ugepasst kruten. Den Delai dofir ass de leschten Donneschdeg ofgelaf. D'Gemengen hate 15 Joer Zäit, fir hir Bebauungspläng un dat Gesetz vun 2004 unzepassen.

D'Inneministesch Taina Bofferding (LSAP) geet awer dovun aus, datt dee Blockage an den allermeeschte vun deene 27 concernéierte Gemenge just wäert vu kuerzer Dauer sinn:

> *"Et muss ee soen, datt bei deene Gemengen, déi den Delai net gepackt hunn, der vill dobäi sinn, déi an den nächste Wochen, an den nächste Méint wäerten an d'Prozedur goen. Dat heescht de Gros wäert nach dëst Joer den éischte Vott am Gemengerot hunn, respektiv d'nächst Joer am éischten Trimester. Déi sinn dee Moment awer konform."*

Zwou bis dräi Gemenge wiere wuel awer eréischt Enn d'nächst Joer esou wäit: wéi eng dat sinn, wollt d'Inneministesch net soen.

## Ënnerschiddlech Grënn fir Delaien

Fir de Retard bei de Gemenge géifen et ënnerschiddlech Grënn ginn, seet d'Taina Bofferding. Engersäits wier sech dacks relativ laang op d'Etude préparatoire konzentréiert ginn, an anerersäits hätten och d'Wahlen eng Roll gespillt - déi hätten a verschiddene Gemengen nämlech Changementer mat sech bruecht. "Da waren och alt emol Problemer mat de Bureau d'études, datt déi zäitweis eebe vill Gemenge begleet hunn."

Och wann et verschidde Problemer ginn hätt, wier een de Gemengen ëmmer erëm entgéint komm, seet d'Taina Bofferding: "An dat wichtegt ass jo, datt reegelméisseg eben den Datum verréckelt ginn ass, datt eeben d'Politik do awer scho reagéiert huet fir de Gemengen eeben do konkret kënnen entgéint ze kommen."

## PAG reegelméisseg ënner d'Lupp huelen

Generell appelléiert d'Taina Bofferding un all d'Gemengen, sech onofhängeg vu Reformobligatiounen an Delaien ëmmer erëm mam Thema ze befaassen. Et wier wichteg, sech reegelméisseg mat der Stadentwécklung auserneenzesetzen. Vill Gemenge géife vill wuessen, an et géife sech ëmmer erëm nei Erausfuerderunge stellen.

D'Stadentwécklung wier e wichtege Sujet, an et géif net nëmmen drëms goe fir ze kucken, wou déi verschidden Zone wieren a wat drop gebaut géif ginn. "Et geet jo och ëm déi sozial Mixitéit, wéi mer wëllen zesumme liewen, zesumme wunnen, zesumme schaffen: all déi gesellschaftlech Diskussioune gi jo och am Kader vum PAG geféiert." Et géif drëm goen, eng Visioun fir d'Gemeng ze entwéckelen.

### An der Mediathéik:

Invité vum Dag / 04. Nov 2019 - 07:32 / Maurice Molitor

Lauschteren